# Flott Gebuertsdagsfeier

An der Geenzebléi zu Wolz gouf mat der Amicale ugestouss



**Wolz.** Op dëser Feier, déi traditionell vun der Amicale organiséiert gëtt, war och d'Gemeng duerch den ehemalege Schäffe Patrick Comes an d'Direktioun vu Servior duerch den David Waxweiler vertrueden. De Mupp Nugat war extra fir mat op d'Foto komm. Bei der Begréissung huet de President Jing Huet am Numm vun der Amicale alle Geéierte fir hire Gebuertsdag felicitéiert an hinnen nach laang eng gutt Gesondheet gewënscht. Duerno huet de ganze Sall mam Orchester Klimperhary den Happy Birthday gesongen. Et gouff gedanzt a gesongen, de Gebuertsdagskuch huet och nët gefeelt an e gudde Patt, wéi ëmmer vum Personal Servior zesumme mat de Membere vun der Amicale zerwéiert. 30 Bewunner goufe geéiert, déi am Abrëll, Mee a Juni Gebuertsdag haten a kruten ee Kaddo vun hirer Amicale: Sonja Weydert (66), Anette Weber (66), Anne Merges (70), Marcelle Defays (76), Claudio Paolin (76), Norbert Lallemand (78), Marie-Josée Schneider (80), Lydie Reding (81), Marie-Thérèse Gremling (83), Irma Unsen (83), Jeannot Remy (83), Roger Schroeder (83), Micheline Molitor (84), Emilie Martin (84), Pierre Siebenaler (84), Erna Graas (84), Claire Cuignet (86), Edmond Turpel (87), Gerardus Van Maris (87), Yvette Malané (87), René Schmit (87), Anne Gira (88), Irène Sinner (88), Marie Feller (88), Elise Schank (89), Marie-Thérèse Thines (89), Eve Heusbourg (90), Marie-Sophie Kolbach (92), Elise Kauth (93) an Marguerite Andre (94).

*Jean-Paul Huet via mywort*